N° 5725
Reçue le 09.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.02.2022

déi gréng groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President
Chambre des Député-e-s
Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2022

Här Präsident,

Esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech folgend parlamentaresch Fro **zur sexueller Belästegung am ëffentlechen Transport** un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weider ze leeden:

Aus enger Etüd aus dem Joer 2016 vun der franséischer *Fédération Nationale des Associations d'Usagers de Transport (FNAUT)* geet ervir, datt ronn 87% vun alle Fraen a Frankräich scho mat sexueller Belästegung am ëffentlechen Transport konfrontéiert gi sinn. Gläichzäiteg gëtt dovunner ausgaangen, datt d'Donkelziffer an dësem Beräich ganz héich ass, an ongeféier d'Hallschent vun alle Virfäll ni gemellt ginn.

Dës Ëmstänn beaflossen och dat generellt Sécherheetsgefill, virun allem vu Fraen, am ëffentlechen Transport. De franséischen *Observatoire national de la délinquance et des réponses pénales (ONDRP)* huet 2018 gemellt, datt ronn 51% vun alle Fraen a Frankräich sech net sécher fille wann se mat ëffentlechen Transportmëttel ënnerwee sinn. Als Reaktioun op dës Etüden hunn déi franséisch Transportentreprisen SNCF, Île-de-France Mobilités an RATP ënnert anerem en Nouttelefon fir Betraffener agefouert, e System en place gesat datt Passagéier Nuets kënnen tëschent zwee Busarrêten eraus gelooss ginn. Ausserdeem, gouf en erweiderten Ausbildungsprogramm fir hiert Personal opgestallt. Aus der FNAUT Etüd vun 2016 geet nämlech ervir, datt eng Sensibiliséierung fir dës Thematik vun deene Leit déi am Transportsecteur schaffe fir déi Betraffen de gréissten Ënnerscheed mécht.

An dësem Kontext wéilt ech gäre folgend Informatioune kréien:

1. **Leien dem Här Minister Zuelen zur sexueller Belästegung am ëffentlechen Transport zu Lëtzebuerg aus de leschte 5 Jore vir?**
2. **Ginn déi Leit déi hei zu Lëtzebuerg am Beräich vum ëffentlechen Transport schaffen am Laf vun hirer Formatioun op dësem Sujet sensibiliséiert? Wa jo, wéi genee gëtt dëst gemaach? Wann nee, gedenkt**

**den Här Minister an Zukunft dëst an hier Formatioun ze implementéiere respektiv eng Zousazformatioun ze proposéieren?**

3. **Wat fir aner Mesurë sinn an der Vergaangenheet scho geholl ginn, fir esou Virfäll ze miniméieren an den Ëmgang domadder ze verbesseren?**
4. **Wat kéint den Här Minister sech an Zukunft u weidere Schrëtt virstellen?**

mat gréisstem Respekt,

**Jessie THILL**


LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics


**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 5725 vum 9. Februar 2022 vum der Madame Deputéiert Jessie Thill iwwer d'sexuell Belästegung am ëffentlechen Transport**

1. *Leien dem Här Minister Zuelen zur sexueller Belästegung am ëffentlechen Transport zu Lëtzebuerg aus de leschte 5 Jore vir?*

Virfäll déi iwwert de Formular "CIS" (Constat Incident sûreté) vun de Beamte vum ëffentlechen Transport gemellt gi sinn:


| Années | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 |
|---|---|---|---|---|---|
| Harcèlements sexuels sur agents des transports publics | 8 | 3 | 4 | 0 | 3 |
| Harcèlements sexuels sur tierces personnes | 6 | 7 | 9 | 13 | 5 |
| **Totaux** | **14** | **10** | **13** | **13** | **8** |



Unzuel vun den Ufroe vun den Autoritéite fir d'Sequenze vun der Video-Surveillance aus den Zich erauszehuelen mam Sujet vun der sexueller Belästegung:

| Années | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 |
|---|---|---|---|---|---|
| Harcèlements sexuels sur tierces personnes | 1 | 6 | 4 | 9 | 6 |




2. *Ginn déi Leit déi hei zu Lëtzebuerg am Beräich vum ëffentlechen Transport schaffen am Laf vun hirer Formatioun op dësem Sujet sensibiliséiert? Wa jo, wéi genee gëtt dëst gemaach? Wann nee, gedenkt den Här Minister an Zukunft dëst an hier Formatioun ze implementéiere respektiv eng Zousazformatioun ze proposéieren?*

D'Personal vun der CFL am Kontakt mam Client kritt 2 Formatioune wou dëst Thema och behandelt gëtt:

- Eng initial Formatioun « Gérer les conflits avec la clientèle » ;
- Eng Formatioun continue « Gérer les conflits avec la clientèle - Retours d'expériences ».

An dësen 2 Formatioune ginn déi verschidden Zorte vu Virfäll behandelt, wéi z.B:

- Ëmgang mat Bemierkunge sexueller Natur;
- Sexuell Avancë vu Clientë vis-à-vis vun den Agenten ;
- Onsittlech Beréierunge vu Clientë vis-à-vis vun den Agenten ;
- Onsittlecht Behuele vu Client zu Client (Nudismus, Onsittlech Beréierungen etc).

3. *Wat fir aner Mesurë sinn an der Vergaangenheet scho geholl ginn, fir esou Virfäll ze miniméieren an den Ëmgang domadder ze verbesseren?*

All Virfall am Beräich Sûreté gëtt vum Personal vun der CFL gemellt an analyséiert.

Op Grond vun dëse Meldunge gi concertéiert Aktioune mat der Police an der Douane geplangt. An och déi privat Sécherheetsekippe gi geziilt do agesat wou de Besoin am gréissten ass. Dëst souwuel op de Garë wei och an den Zich.

Ausserdeem ass all Persounenzuch vun der CFL mat engem Zuchbegleeder besat. De Client huet also ëmmer een Uspriechpartner respektiv eng Kontaktpersoun wärend sengem Trajet.

Zousätzlech ass ee groussen Deel vun de Garen an Zich mat Video-Iwwerwaachung ausgestatt. Aktuell huet d'CFL +- 785 Kameraen op de Garen, 115 Kameraen an de P&R CFL an ± 1 200 Kameraen an den Zich installéiert. Dëse Reseau gëtt konstant nach weider ausgebaut.

An de Regionalbussen vum RGTR ginn et de Moment nach quasi keng Video-Iwwerwaachungen.

All des Moossnamen droen dozou bäi d'Sécherheetsgefill vun de Clienten vum ëffentlechen Transport an dem Personal ze verstäerken.

D'Gesetz vum 19. Juni 2009 iwwer „Ordre et sécurité dans les transports publics" gëtt dem Transportminister d'Méiglechkeet, en Notzer fir maximal 1 Joër aus dem ëffentlechen Transport auszeschléissen.

4. *Wat kéint den Här Minister sech an Zukunft u weidere Schrëtt virstellen?*

D'Bussen vum RGTR wäerten mam Ulafen vun den neien Exploitatiounskontrakter (Mëtt Juli 2022) mat engem System fir Video-Iwwerwaachung équipéiert ginn.

Des Weideren schafft de Mobilitéitsministère zesumme mat der Verwaltung fir ëffentlechen Transport un enger gesetzlecher Basis fir d'Video-Iwwerwaachung am gesamten ëffentlechen Transport. Och goufen am Virfeld schon Dispositiounen ausgeschafft mat de Bedreiwer vun all Réseau, fir allgemeng d'Behuelen am ëffentlechen Transport besser ze encadréieren an e Strofekatalog festzeleeën. Et ass geplangt fir dës Projeten nach dëst Joer op den Instanzewee ze bréngen.

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch